RELAIS POUR LA VIE

FONDATION LUXEMBOURGEOISE CONTRE LE CANCER

CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2010

TÉMOIGNAGE DE MARTINE

Mäin Numm ass Martine an ech hu 45 Joer. Ech si bestuet, hunn 2 grouss Kanner a si beruffstäteg.

Am Oktober 2008 ass bei mir Broschtkriibs festgestallt ginn. Ganz schnell gouf ech operéiert, duerno koum Chimio- a Radiotherapie. An nach haut huelen ech all Dag meng Medikamenter.

D'Diagnos Broschtkriibs huet mech vun engem Moment zum aneren aus mengem gewinnte Familljen- a Beruffsliewen erausgerappt.

Sou eng Situatioun ass ganz schwéier a Wierder ze faassen, dofir probéieren ech et mat engem Bild: bis zur Diagnos hunn ech mech gefillt, wéi wann ech um Balcon vun engem Héichhaus den Horizont vu mengem Liewe kënnt iwwerblécken. Mee op eemol zitt ee mir de Buedem ënnert de Féiss ewech. Ech verléiere mäi gewinntent Gläichgewiicht. Dat Glänner, un deem ech mech bis elo ëmmer ugehalen hunn, gëtt no, an ech falen ouni Virwarnung an e schwaarzt Lach.

Glécklecherweis falen ech net bis op den déifste Fong: en Netz, gewieft aus ville Fiedem, fänkt mech op an dréit mech duerch déi haart Zäit vun der Therapie, an dat bis haut.

Dat Netz huet awer nëmmen déi néideg Spannkraaft, well u ganz ville Seeler glächzäiteg gezu gëtt. Vun deene stellen ech der gären e puer vir:

Virop sinn ech dankbar, dass ech vun enger ganz kompetenter, mee och net manner mënschlecher, medizinescher Equipe betreit gouf. All Dokter, a wierklech och all eenzelen aus dem Fleegepersonal, hunn hiert derzou bäigedroen, dass ech déi bescht méiglech Behandlung kréie konnt.

Ganz wichteg fir mech war d'Ënnerstëtzung déi ech bis haut vu mengem Mann kritt hunn, mat vill Verständnis fir meng och mol onsécher Laun, an als Stäip a sou villen ongemittleche Situatiounen.

Eis Kanner hu mir oft mat hirem jugendlechen Humor iwwert munch traureg Stonn ewech gehollef, an nieft der Schoul och vill Aufgaben am Stot iwwerholl.

Meng Elteren an aner Familljemembere waren zu jiddfer Zäit bereet eng Hand mat unzepaken, wann d'Chimio mech mol erëm néier gedréckt huet.

Vill Frënn, Bekannten an Noperen hu kuerz telefonéiert, oder sinn einfach laanscht komm, fir spontan Sympathie a Matgefill auszedrécken, oder Hëllef unzebidden.

Mäin Hond huet mir Dag fir Dag seng trei Unhänglechkeet gewisen an hie war e gudde Grond fir sou oft wéi méiglech an d'Natur spadséieren ze goen.

Mengen Aarbechtskollegen a Virgesate sinn ech dankbar fir hiert Versteedsdemech fir mäi laangt Feelen op der Aarbecht. Direkt ware si bereet, mir déi néideg berufflech Verännerungen zouzegestoen, déi mir et erlaben erëm lues a lues an d'Aarbechtsliewen eranzefannen an dobäi trotzdem gläichzäiteg meng medizinesch Kontrollen duerchzeféieren.

Zu gudder Lescht gëllt e grousse Merci der "Fondation Luxembourgeoise contre le cancer", bei där ech esouwuel an Eenzelgespréicher psychlogesche Bäistand fonnt hunn, a wou ech och nach haut an enger Gespréichsgrupp mat anere Matpatientinne meng Suergen an Iwwerleeungen austausche kann.

Des Lëscht ass sécherlech net komplett, mee si weist dach däitlech d'Wichtegkeet vun engem stabilen Netz, gespaant aus ënnerschiddleche Seeler, fir de Kranken opzefänken an ze droen.

Dofir ass mäin Opruff vun dëser Plaz en dueblen:
Engersäits gëllt fir all Kriibspatient: haalt är Aen an Ouren op fir erauszefannen, wou esou en Netz fir iech opgespaant ginn ass an wou dir Ënnerstëtzung fannt.
Anerersäits awer appeléieren ech u jiddfereen, heibannen an dobaussen : sidd bereet, sief et als Ehepartner, Familljemember, Frënd, Noper, Beruffskolleg oder och Patron, e Fuedem vun deem Netz wëllen ze sinn, wat dem Kriibspatient erlaabt kierperlech a séilesch gesond ze ginn.

Merci, datt dir mir nogelauschtert hutt.